



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/07/2019

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Héichschoul a Fuerschung & Wunnéngsbau weiderzeleeden.**

Wunnraum ass zu Lëtzebuerg knapp a besonnesch Studente sinn dovunner direkt betraff. D'Universitéit selwer stellt laut hirer Websäit 1.070 Unitéite fir 6.423 Studenten zur Verfügung. Dëst entsprécht enger Quote vun 16,6%. Domadder steet Lëtzebuerg ronn 50% besser do ewéi Däitschland mat engem Schnëtt vun 9,9%, woubäi unzemierken ass, datt de Logement ee gudden Strapp méi deier wéi d'Wunnen an Däitschland ass a Studente meeschtens ee méi klengen Budget zur Verfügung hunn.

D'Uni Lëtzebuerg zeechent sech doriwwer eraus duerch een, mat 56%, iwwerduerchschnëttlech héijen Undeel un auslännesche Studenten.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi héich ass den Undeel un auslännesche Studenten u Locatairen op der *Uni.lu*?
2. Vu wéi vill Unitéiten Wunnraum, déi fir Studente reservéiert sinn an déi net vun der *Uni.lu* verwalt ginn, huet d'Regierung Kenntnis?
3. Wéi vill nei Studentewunnengen sinn a Planung? Wéini kéinten dës fäerdeggestallt ginn?
4. Em wéi eng absolut a prozentual Zuelen huet sech d'Offer u studenteschem Wunnraum an deene leschte 5 Joer entwéckelt? (Oppgeschlüsselt pro Joer an Typ vu Besëtzer, wéi z.B. privat, Gemeng, Staat)
5. Wéi héich ass den Duerchschnëttsloyer mat deem e Student an engem öffentlech gefërderte Logement rechnen muss?
6. Wéi huet sech den Duerchschnëttsloyer an deene leschte 5 Joer (pro Joer) entwéckelt?
7. Wéi héich ass den duerchschnëttlechen Undeel um Akommes vu Studenten, dee fir d'Wunnen ausgi gëtt?
8. Wéi vill Studente wunnen nach bei hiren Elteren?
9. Wéi vill Studente wunnen am Ausland a pendele fir op d'Uni?
10. Existéieren privat Operateuren, déi primär studentesche Wunnraum offréieren? Wa jo, wéi vill Unitéiten offréieren déi aktuell zesammen?



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

11. Op wéi vill Unitéite schätzt d'Regierung de Besoin u studenteschem Wunnraum fir déi nächst Joren an?
12. Leien der Regierung Erkenntnisser iwwert d'Notzung vun alternative Wunnformen duerch Studente vir? Zum Beispill "Wunne géint Hëllef", Wunnkooperativen oder ähnlech Modeller?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Député

